

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

De 15. Mäerz war am Paperjam ze liesen, datt d'Madamm Finanzminister sech op enger Reunioun mat hiren Homologen aus de Beneluxlänner iwver eng méiglech Harmoniséierung vun der TVA tëschent deenen dräi Länner ënnerhalen hätt. Naturgeméiss kéint esou e Schratt just doduerch erfollegen, datt d'Belsch an Holland hir jeeweileg TVA-Sätz, déi aktuell bei 21 Prozent leien, erofsetzen, oder, datt mir eis TVA eropsetzen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Finanzminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Madamm Finanzminister confirméieren, datt op där Reunioun iwver eng Harmoniséierung vun der TVA diskutéiert gouf? Wa jo, kéint si elaboréieren, wéi eng konkret Zenarien a Fro kéimen a wéi een Impakt dës jeeweils op eis Economie an eis Staatsfinanze kéinten hunn?
- 2) Kann d'Madamm Finanzminister garantéieren, datt si esou eng Moosnam nëmme matdréit, wann dës net zu enger weiderer Erhéijung vun eiser nationaler TVA féiert, fir eng zousätzlech Belaaschtung vun de Lëtzebuerger Stéit ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,


Fernand Kartheiser
Deputéierten



Äntwert vun der Finanzministesch Yuriko Backes op d'parlamentaresch Ufro n°5945 vum 16. Mäerz 2022 vum éierbaren Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert eng méiglech Harmoniséierung vun der TVA tëschent de Beneluxlänner

Anescht wéi vum éierbaren Deputéierten duergestallt, huet de 15. Mäerz 2022 zu Bréissel keng Reunioun tëschent de Finanzministeren vun de Beneluxlänner stattfonnt, an där iwwert eng méiglech Harmoniséierung vun der TVA tëschent deenen dräi Länner geschwat gi wier.

Wéi een och an dem Presseartikel, op deen den éierbaren Deputéierten Referenz mëscht, noliese kann, huet et sech hei villméi em eng Benelux-Konferenz gehandelt, déi zu Bréissel organiséiert gouf, fir dem Public d'Erfolleg ze präsentéieren, déi iwwert déi leschten Joren zesummen erzielt goufen, fir den „Ecart de TVA“ ze reduzéieren.

Den „Ecart de TVA“ ass den Ënnerscheed tëscht den TVA Recetten déi theoretesch hätte missten opgehewe ginn, an den Recetten déi effektiv agedriwwe goufen. Nieft de Faillitten ass den Haaptgrond fir dësen Ecart d'Fraude. Lëtzebuerg gehéiert iwwregens zu deene Länner an der EU, wou dësen Écart am niddregsten ass.

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2022

D'Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes